ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

De Sportunterrecht (Turnen a Schwammen) gehéiert zu der Ausbildung vum Léierpersonal vun der Primärschoul. Zu dem Thema wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Ausbildung fir d'Schoulpersonal an deene Fächer op der Uni Lëtzebuerg aus? Wéi eng Kenntnisser ginn am Beräich vun der Sportdidaktik vermëttelt?
2. Gehéieren och Kenntnesser iwwert d'Anatomie an d'éischt Hëllef zum obligatoreschen Programm? Mussen déi zukünfteg Léierinnen a Schoulmeeschteren den *Junior Lifesaver Brevet* maachen, fir däerfen de Schwammunterrecht ze halen? Gëtt et speziell Instruktiounen och am Beräich Sécherheet an éischt Hëllef am Turnen?
3. A ville Primärschoule gëtt den Turnunterrecht vu "Chargés de cours " gehalen. Wéivill sinn dat der? Wéi ass d'Ausbildung am Beräich Sécherheet am Sport (Turnen a Schwammen) vun deene Leit?
4. Wéi ginn d'"Quereinsteiger" op d'Ofhale vum Turnunterrecht virbereet ?
5. Gëtt et an all Schoulschwämm männlécht a weiblecht Personal fir den Enseignant bei der Surveillance vun de Vestiairen ze ënnerstëtzen ?
6. Ginn et an deem Sënn festgehale Reglementer fir de Kanner hir Intimsphär ze schützen, nom Modus datt bei d'Meedercher just eng Fra a bei d'Jonge just e Mann an d'Vestiaire goen däerf ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique